

Evangelium vum 16. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

Lk 10,38-42

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- 38 De Jesus ass an en Duerf komm,
an eng Fra, déi Martha geheescht huet, huet hie bei sech opgeholl.
- 39 Si hat eng Schwëster, déi Maria geheescht huet.
D'Maria huet sech bei dem Här seng Féiss gesat
an huet him^a nogelauschtert.
- 40 D'Martha awer war ganz
mat e sëllegen Déngschter beschäftegt.
Si ass dunn dohigetratt
a sot: "Här, stéiert et dech net,
datt meng Schwëster mech eleng gelooss huet,
fir den Déngscht ze maachen?
So hir dach, si soll mir eng Hand upaken!"
- 41 Den Här awer huet hir geäntwert:
"Martha, Martha, du méchs dir vill Suergen an du gëss dir vill Méi,
- 42 ma nëmmen eng Saach ass néideg:
D'Maria huet nun emol dee gudden Deel gewielt;
dee gött hir net ewechgeholl."

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*

^a *Wuertwiertlech: sengem Wuert.*